

70.000 Hektar mat Konfliktpotential

Vum Tim Morizet (Télé RTL), Monique Kater (Radio RTL) | Update: 08.03.2019 02:13



Iwwer 70.000 Hektar respektiv 27% vum Lëtzebuenger Land: dat ass, zesummegerechent, d'Fläch vun den Natura 2000 Zonen.

D'Regierung ass méi wéi houfreg, dass een domadder op der Pole Position ass, a Saachen Naturschutz, well néierens soss géif et esou e grousst zesummenhänkend Schutzgebitt ginn.

Fir dat geréieren ze kënnen, bräicht ee fir déi verschidde Regiounen sougenannt "Comités de pilotage", wou all déi concernéiert Acteure ronderëm een Dësch sëtzen. Och a virun allem d'Bauerer, déi an an op deene geschützte Wisen a Bëscher schaffen. Zu Réiden, wou e Mëttwoch deen 3. Comité lancéiert gouf, gong et den Initiateuren dofir virun allem drëm, déi ze berouegen, deenen d'Land gehéiert.

Et ass deen éischten Comité nördlech am Land, ma et géif ee sech elo schonns op d'Chance, Synergien ze entwéckelen, freeën. Et wier eng Chance, Naturschutz, Landwirtschaft an och touristesch Opportunitéiten ze kombinéieren.

17 Gemenge mat a ronderëm Réiden hunn e Mëttwoch d'Charte vum Natura 2000 ënnerschriwwen. Den neie Comité de Pilotage soll dann an Zukunft mam Gérard Anzia un der Spëtzt fir Stabilitéit am

Naturschutz ronderëm d'Atert suergen. Nei Dämpelen oder d'Erhale vun Bongerten - eng Rëtsch Projete si scho realiséiert ginn, ma et hofft een op neie Schwong an eng Participatioun vu weidere Gemengen.

"An déi Ëmsetzung kënn natierlech awer ganz kloer, datt all Acteure mussen zesummeschaffen. Mat de Proprietären a virun allem mat de Bewirtschaften, firwat? Ma well 90% vun de Surfacen, déi hei an deem Reseau Natura 2000 dra sinn a privater Hand sinn.", esou de Gérard Anzia.

An dat bréngt och Komplikatiounen mat sech, vu Contrainten well een awer net schwätzen. Et hätt ee bis ewell ëmmer eng Léisung fonnt an déi nei Comitéen wieren op fir jiddwer Besoin.

Fir d'Ëmsetzung vun den Natura 2000 Mesuren ze garantéieren, well een e "Versteesdemech" op alle Säite schafen. Mat der Ausweisung hätt een en éischte grouse Schrëtt gemaach, ma weider Opportunitéiten sti virun der Dier, ewéi den Tourismus.

70.000 Hektar gi mat vum Natura 2000 uechter d'Land verwalt. Finanzéiert ginn déi verschidde Mesuren iwwer den Ëmwelt & Waasserfong.